N°860
Entrée le 08.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro N° 860 vum 6. Juni 2024 vun den honorablen Deputéiert Sven Clement a Ben Polidori zum Sujet "Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTI"**

De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA) ass zënter November 2023 zoustänneg fir d'Koordinatioun vun der Politik fir d'Gläichstellung vun den LGBTIQ+ Mënschen, an huet dës Zoustännegkeet vum Familljeministère iwwerholl.

Den éischten Nationalen Aktiounsplang fir d'Rechter vun den LGBTIQ+ Mënschen ze stäerke gouf 2018 vum Familljeministère an Zesummenaarbecht mat néng anere Ministèren, der Zivilgesellschaft an den nationale Mënscherechtsinstitutiounen ausgeschafft. Den éischten Tëschebilan vun dësem Plang gouf am Optrag vum Familljeministère vun der Uni Lëtzebuerg geplangt an ausgefouert.

De Regierungsaccord gesäit fir, dass de nationalen LGBTIQ+ Aktiounsplang iwwerschafft an ugepasst gëtt fir de rezenten Entwécklunge Rechnung ze droen. Eng Basis heifir ass den Tëschebilan vun der Uni Lëtzebuerg deen am Abrëll publizéiert gouf. D'Regierung ass am gaang d'Resultater vum Tëschebilan ze analyséieren.

Eng éischt Reaktioun ass eng Reform vum interministeriellen LGBTIQ+ Comité. Dëse gëtt an Zukunft vum MEGA presidéiert an all Ministère wäert hei representéiert sinn. D'Mandat vum Comité gouf och erweidert. Dësen ass net nëmmen zoustänneg fir d'Ëmsetzung vum nationalen Aktiounsplang ze begleeden, mee och fir d'Politik am Beräich LGBTIQ+ ze begleeden an ze koordinéieren. De Comité wäert och ganz enk mat der Zivilgesellschaft zesummeschaffen. De Regierungsrot huet dës Reform de 15. Abrëll 2024 ugeholl.

Den interministeriellen LGBTIQ+ Comité wäert sech dann och domadder befaassen, wéi den aktuellen Aktiounsplang soll ugepasst ginn, wéi eng Prioritéite solle gesat ginn, a wéi eng konkret Aktioune solle geplangt ginn. An dësem Kader kënnen dann och déi Aktiounen ugeschwat ginn déi 2018 geplangt waren, awer net ëmgesat goufen. De MEGA ass hei zoustänneg fir d'Koordinatioun vun der Politik, an déi jeeweileg Ministèren schaffen un der konkreter Planung an Ëmsetzung vun de Mesuren.

De Comité wäert sech och beroden, wéi an Zukunft d'Mesuren an d'Politik am Beräich LGBTIQ+ wäerten evaluéiert ginn. D'Froen zu der Zesummenaarbecht mat engem Evaluatiounspartner, dem Evaluatiounsinstrument an den Indicateure sinn hei och e wichtege Volet fir an aller Transparenz d'Ëmsetzung vum Aktiounsplang ze begleeden.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2024

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes